



# Veräinsinfo

## Buergbrennen

Sonndes, den 13. Mäerz 2011 ass rëm d'Buergbrennen um Dräieck.

Mir fänken um 10.00 Auer un fir d'Zelt opzeriichten an d'Material wat gebraucht gëtt aus dem Pompjeesbau zesummen ze rafen. Um 13.00 Auer gëtt dann de Rescht opgeriicht .

Et gëtt wéi ëmmer rëm eppes z'iessen an ze drénken verkaft.

Mir brauchen awer och Memberen déi am Nomëtteg, vun 17.00 Auer un, mat ophiewen gin. Den Bertemes Claude organiséiert d'Ophiewen.

Wann d'Buerg ofgebrannt ass, gëtt ugefang mat ofrappen an d'Material gëtt zeréck an de Pompjeesbau geféiert.

**Mee et geet nët duer dass d'Material nees zeréck am Bau ass, mee et muss propper gemaach gin an och nees op déi richtig Platz geraumt gin. Dat maachen mir Méindesowes um 18.00 Auer. Dann gëtt och de Rescht vun der Buerg weggeholl.**

**Mir zielen op deng Hëllef... wëll vill Hänn packen méi wéi nëmmen 2 !**

Wann's du nët kann's kommen, dann meld dech w.e.g beim Maryse of.

## Bloc Membre Donateur

Donnesdes, den 17. Mäerz oder Freddes, den 18. Mäerz ass dee leschten Delais fir d'Bléck kënnen ofzegin. Du kann's däin Bloc mat den Suen am Pompjeesbau (beim Pier) respektiv an der Musiksprouf (beim Maryse) ofgin.

All Bloc deen méi spéit ofgin gëtt, kënnt nët méi mat an d'Brochure.

## Stage de musique

Sonndes, den 3. Abrëll 2011 ass den Stage de musique.

Vun 10.00 Auer bis 12.00 Auer prouwen mir an de Regëstere.

D'Mëttegiessen ass géint 12.00 Auer am Pompjeesbau.

Duerno prouwen mir nach vun 14.00 bis 16.00 Auer zesummen.

Fir dass mir wëssen, wéivill Musikanten Mëttes do bleiwen fir z'iessen, muss jiddereen sech bis den 28. Mäerz beim Maryse umelden.

## Chèqueiwwereechung

Samsdes, den 9. Abrëll 2011 ass um 17.00 Auer am Pompjeesbau d'Chèqueiwwereechung vun den Suen déi mir um Chrëschtconcert gesammelt hun un den CNDS (Comité National de la Défense Sociale).

All Member ass härelech wëllkomm fir un där klenger Feier deelzehuelen.

Fir dass mir awer wëssen wéivill Memberen kommen, meld dech w.e.g bis Freddes, den 1. Abrëll 2011 beim Maryse un.

**Merci am Viraus fir deng Präsenz !**